# Aus der IX. Vollversammlung vun der Lëtzeburger Diözesansynod

Iwer déi läscht Vollversammlung vun der Synod gouf bis elo an der Press scho munches geschriwen, an et gouf vill interpretéiert. Wat eis e bësche wonnert, as, datt déi verschidde Kommentatoren hirer Saach esou sécher sin. Mir mussen éierlech zougin, dass dat villdiskutéiert Oofstëmmungsresultat iwer d'A-Viirlag vun der Kommissioun 4 ("Die christliche Gemeinschaft"; 86 Jo-Stëmmen, 28 Neen, 23 Enthalungen - also keng 2/3 Majoritéit) eis nach ëmmer um Mo läit an datt mir gur nët esou kloer gesin.

Fir d'éischt as et gur nët evident, ob all Stëmmberechtegt woussten, datt se nëmmen eng Diskussiounsgrondlag a kee fäerdechen Text stëmme sollten, dëst, obschon et virun der Oofstëmmung däitlech erklärt gouf. Hun d'Synodalen also, no deene laangen, ermiddenden Diskussiounen iwer Begrëffsdefinitiounen, déi zum Schluss soss näischt wéi nach méi eng grouss Konfusioun bruecht hun, dës Détailfroen esou wichteg fonnt, datt se gemengt hun, esou e groussen Duurcherneen nët méi kënnen ze stëmmen? Wann dat esou as, muss dann nët an Zukunft versicht gin, déi Détailler am klenge Kreess a m v i r a u s ze präziséiren - oder schlëmmstefalls d'Vollversammlung z'ënnerbriechen an se ënner de Fachleit ze klären. D'Versammlung jiddefalls war iwerfuerdert. Dat hu verschidde Riedner däitlech zum Ausdrock bruecht, an trotzdeem gouf op deemselwechten Niveau weidergeriedt. Eng Léier fir d'Zukunft.


Zum aneren muss een sech trotzdeem, matt der Ko 4, d'Fro stellen, ob d'Vollversammlung nët d'Optik vum Dokument iwerhaapt verworf huet. Doduerch, datt d'Ko 4 während den Diskussiounen op der Synod (an an hire schrëftlechen Äntwerten) en etlech Ännerungsviirschléi ugeholl huet, hätt am Fong geholl de gréissten Deel vun der Oppositioun diirften zefriddegestalt sin. Et gouf sech op der Versammlung jo och gréisstendeels iwer Begrëffsdefinitiounen auserneegesat, déi jo nët ausschlaggebend diirfte sin, wann et drëm geet, eng Diskussiounsgrondlag ze stëmmen. Begrëffer lossen sech präziséiren, op d'Grondoptiounen vum Dokument haten se kaum Afloss. Mir kënnen eis allerdéngs dogéint nët drun erënneren, datt een eenzege Riedner dat (fir Lëtzeburg) bal revolutionärt Kiirchen- a Pastoralkonzept vun der Viirlag direkt attaquéiert oder verworf hätt. Trotzdeem as d'Viirlag duurchgefall.

Wann nun awer déi 51 Synodalen, déi dergéint gestëmmt oder sech enthalen hun, tatsächlech d'Konzept vun der Ko 4 nët unhuele kënnen, dann as dëst dee beschte Beweis dervir, datt d'Viirlag an hirem éischten Deel, där gur nët esou frëndlecher Situatiounsanalys vun der Lëtzeburger Kiirch, Recht hat. Dat as ëmsou méi eescht, well d'Synod jo jhust déi Plaz soll sin, vun där d'Erneie-

rung vun eiser Kiirch soll ausgoen. Vläicht ware jhust duerfir den Här Bëschof an den Här Schiltz esou erféiert iwer d'Resultat vun der Oofstëmmung ...

Dogéint as et nun awer och nët esou kloer, ob déi 86 Jo-Stëmmen d'Haaptuleies vun der Ko 4, nämlech eng dynamesch Kiirch, an där j i d d e r e e n séng Deel Verantwortung ze droen hätt, och ënnerstëtzt hun. Dovun huet een nämlech och, matt e puer Ausnahmen, nët vill an den Diskussiounen gespuurt. War den Text an där Hinsicht nët kloer genuch ? Mir wäerte wuel bis an den Hiirscht misse waarden, bis sech beim Dokument "Glaube und Politik" déi Froen, déi sech haut iwer d'Vollversammlung vun der Synod stellen, vläicht beäntwerte loossen.

Déi Onsécherheet, déi d'Oofstëmmungsresultat iwer d'A-Viirlag bruecht huet, gouf am Fong geholl nach vergréissert duurch d'Vertrauen, dat d'Versammlung uschléissend eben där Kommissioun ausgeschwat huet, déi se viirdrun désavouéiert hat (1o4 Jo, 3 Neen, 3 Enthalungen). Firwat dee Meenungsëmschwonk? Wat huet dëst Vertrauen bedeit? Koum et nët nëmmen zustanen duurch en Zréckschrek-




ken vun deenen, déi viirdrun d'Viirlag zu Fall bruecht haten, vrun der Verantwortung, déi se no der Demissioun vun der Ko 4 missten op sech huelen?

Eigentlech misst een bei déi 23 Enthalungen nach déi 54 Synodalen derbäizielen, déi bei der Oofstëmmung nët derbäi waren. Et as selten, dass iwer 13o Synodalen vun 191 op d'Vollversammlung kommen (oder do bleiwen). E puer vun hinnen hu matt Sécherheet valabel Entschëllegungen. Mä firwat esou vill Absenzen? Aus

Desinteresse? Well vun där schwéierfälleger Maschinerie näischt méi ze erwaarden as? Also 77 Enthalungen an 28 Nee-Stëmmen bei 191 Synodalen? Dann as d'Viirlag matt Recht duurchgefall an d'Lëtzeburger Kiirch verdéngt keng besser. Den Absentéismus misst op jidde Fall vun de Verantwortlechen méi genee analyséiert gin.

Zum aneren, an dat hun eng Rei Synodaler zum Ausdrock bruecht, as et duurch dat wat bei dëser Versammlung viirkoum - besonnesch duurch déi erschreckten Reaktiounen no der Oofstëmmung - bei deene kommende Viirlagen gur nët esou kloer, ob se aus Iwerzeegung gestëmmt gin, oder aus Angscht, se géng duurchfalen...

Wat bleift, as en ongutt Gefill. Doriwer kann och deen eppes kënschtlechen Optimismus nët ewechhëllefen, matt deem d'Versammlung ausgeklong as. D'Froen, déi d'Ko 4 opgeworf hat, kréie mir schon haut an der Wiirklechkeet gestallt. Och, wann d'Synod kee valabelt Dokument duerzou fäerdegbréngt.

g./csst

E puer interessant Bemierkungen vun der Synod:

Den Här Emil MOUSEL: Ech wollt fir d'éischt nët kommen, mä ech mengen, t'muss awer gesot sin. Ech hat gëschter gesot, dass d'A-Viirlag vun der Ko 4 mer esou gutt gefall huet, well se mer ze spiire gin huet, ëm wat et geet an der Kiirch, - et geet fir mech nët esou vill em Wierder a Buchstawen a Paragraphen, en éischtens, zweetens, drëttens, mä ech hu gespuert, wat derhannert wir: Léift - déi Léift vu Gott zu de Mënschen, (...) an e Wee, wéi mer déi Léift kënne réaliséiren. (...)
Also ech géif mengen, dat wat de Jesus eis wollt soen, dass dat nët a Paragraphen festzehalen as. En huet nëmmen eppes gesot: "Huet Iech esou gären, wéi ech Iech gären hun", a wann een dat nët wëllt machen, da muss een immens vill Wieder sichen, fir derlaanscht ze kommen. Dat ass mëng Ménung. Well t'as einfach an nët komplizéiert, an de Jesus huet et selwer gesot, en huet sëngem Papp Merci dervir gesot, dass en deenen Einfachen et mattgedeelt huet, an nëtt de Professeren an den Dokteren, an ech wëll nach eng Kéier hiweisen dorober, dass e gesot huet: "Keen ënner Iech därf sech Meeschter, Papp a Lehrer nennen". Mär sin alleguer Bridder, a mär sollen eis gär hun wéi Bridder a keen deem aner ëmmer de Virrang ofschwätzen. Ech héire grad esou gär op een, deen Theologie studéiert huet, ewéi op dee Jong, dee bei mir op der Schmelz schafft, well et huet ee mer esou vill ze soen wéi deen aneren, awer t'huet kee mech ze kommandéieren, an ech huelen och vu kengem e Kommando af, egal wéi déi Institutiounen oder Strukturen beschafe sin. Ech si bereet, matt all Mënsch ze schwätzen, an ech hun och all Mënsch gär, awer ech losse mech vu kengem kommandéieren ausser vu Christus a vum Evangelium, an do ka jidferee mech beléieren, awer nët kommandéiren.

Den Här G. SCHROEDER, Member vun der Ko 4, no der Oofstëmmung:
(...) (Wat déi Iwerleeung ubelaangt), déi ech elo éineschter gesot hun, dass eise Pabeier eng Doutgeburt war, éier en richteg zustane koum, dann as dee Gedanke mer komm, well 74 dee Kiirchekonzept, déi Dynamik, déi deemols drageluecht as gin, déi deemols oofgelehnt as gin, déi Dynamik, déi mär nach am Sënn vum Ouschterglawen eng Grëtz méi déif wollten an eist Dokument eranhuelen, déi Dynamik as haut oofgelehnt gin. An dat as d'Gretchenfrage (...) (déi mer haut de mëtteg) nët méi wollten esou krass dohinnerleën. Abee, esou onrécht hate verschidde Leit (...) nët, wéi se sech iwerluecht hun: Dat doten as wahrscheinlech nët de Wee. Eis Synod seet wahrscheinlech nët sécher jo zu där dynamescher Vue vun enger lieweger Kirch, déi mer elo, ech soen nët "begruewen" hun - ech soen dat guer nët, et as nët eng Läicheried - (ech weess

nët) wéi sech d'Saach elo weider entwéckelt; jidfereen huet och vläicht an där läschter halwer Stonn eng Grimmel Asiicht kritt a kënnt vläicht zur Iwerleeung, datt dat wat (..) den Här Schannel virdru gesot huet (richteg as): Déi Froen do kréie mir nach eng Kéier zur Sprooch, awer an der bluddeger Wiirklechkeet - vläicht nët esou séier an der Synod.

Den Här E. MOLITOR: "Mär (d'Ko 2) hun Zäit versträiche gelooss, a wéi genuch Zäit eriwer war, si mer dermatt erëmkomm, mer hun se (d'A-Viirlag iwer de Religiounsunterricht) viirgeluecht, mir hun eng écrasant Majoritéit kritt, a mer haten am Fong näischt dru geännert, an et hat keen et gesin!"
c.q.f.d. (1°) m.p.s.h. (2°)